Villfälteg Landwirtschaft vu muer!

Agrarpolitesch Stellungnam vun der "Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. (LLJ)" virgedroe vum Sara Thill a Charles Welbes, Membere vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik

Dir Dammen an Dir Häre,

Här Weibëschof,

Madamm Ministesch,

Dir léif Leit, déi lescht Méint ware gepräägt vu ville Versammlungen, Radios- a Fernsehsinterviewe wat d'Wale betrëfft. Haut den Owend si mir frou Iech kënnen op enger Versammlung anerer Aart ze begréissen. En Owend, wou mir Iech alleguer, awer virun allem den neie Verantwortlechen an der Politik wëlle matdeele wou an eisen Aen de Schong dréckt, a wat nei Usätz si fir d'Problemer vun haut an eventuell scho vu muer ze léisen. Duerfir sidd all gespaant, wat an den nächste Minutte kënnt, méi nei Dossieren, awer natierlech och méi aler, déi nach net dacks um Jongbauerendag gefeelt hunn, déi sougenannten Dauerbrenner. Natierlech alleguer an Zesummenhang mat der Landwirtschaft.

Dat steet fir eis op éischter Plaz, d'Betriber, d'Natur an där mir all Dag schaffen an natierlech och d'Biodiversitéit. Mee erlaabt mir do eng Klammer well de Begrëff léist ganz vill Interpretatiounsspillraum, a vill Bauere kréie Migrän wann se den Ausdrock héieren. Firwat? Dacks gëtt de Biodiversitéitsverloscht gebraucht wann d'Lëtzebuerger Landwirtschaft an der Kritik steet. Wa mir dat Wuert "Biodiversitéit" analyséieren, dann erkennt een doraus „Natierlech Villfalt". An, eis Landwirtschaft ass villfälteg, mir hu vill verschidde Betriber. Mir si wuel a verschiddene méi staark wéi an aneren, mee déi genannte Villfältegkeet ass och eng sougenannte Biodiversitéit op déi ee ka stolz sinn.

Trotzdeem nach e puer Wuert zum Biodiversitéitsverloscht, an dozou zielt och de Verloscht vu Betriber, et ass statistesch bewisen, dass d'Biodiversitéit an der Natur parallel mat der Unzuel vun de Betriber ofhëlt, also muss et Zil sinn d'Zuel vun de Betriber eropzekréien oder op mannst konstant ze hale fir dem Biodiversitéitsverloscht entgéintzewierken. Verschidden Usätz am neien Agrargesetz hëllefe fir bei der Unzuel vun de Betriber méi eng Konstant ze halen. Et sief hei ugemierkt, dass d'Landwirtschaft en Deel vun der Léisung ass. De Wuesstem ass et awer och, deen de Biodiversitéitsverloscht extrem impactéiert, an op enger Fläch déi versigelt ass, kann net kompenséiert ginn, an si gëtt och net erëm hiergestallt wann iergendwou duerfir eng Wiss méi spéit geméint gëtt, do kann ee mir ziele wat e wëllt! Mir fuerderen duerfir, dass d'Biodiversitéitsförder-Mesuren an der Landwirtschaft an Zukunft remuneréiert an net nëmme kompenséiert ginn. Knapp 2% vun der Populatioun schafft a lieft an deem Beräich wou Biodiversitéit geschafe gëtt, CO2 gespäichert, Landschaft gestalt gëtt a virun allem Liewensmëttel produzéiert ginn. An dat alles fir déi aner 98-99% vun der Gesellschaft mat. Duerfir ass et eis extrem wichteg ze betounen, dass jiddereen an der Verantwortung steet an duerch d'Kafverhale vu jidder eenzelen d'Entwécklung vun der Landwirtschaft mat gestalt gëtt.

Monitoring an Agrargesetz

Dir léif Leit, de Jongbauerendag wär net de Jongbauerendag wa mir net och géifen iwwert d'Agrargesetz schwätzen, dofir fänke mir haut mol direkt domadder un!

D'Agrargesetz ass do!

Mir wëlle fir d'alleréischt eemol soen, dass an dësem Gesetz ganz vill positiv Aspekter erëm ze fanne sinn, mat deene mir eis kënnen identifizéieren. Als alleréischt ernimme mir do déi sämtlech Bäihëllefen, sief et fir Gringlandmaschinnen, Elektrogefierer souwéi déi no uewe korrigéiert Plaffongen, déi den Investitiounen an dëser Zäit Rechnung droen a mir och absolut begréissen.

Deene Jonken, mir wëllen net ëmmer soen de Jongbaueren och wann dëst bal ëmmer zoutrëfft , war et vun Ufank u wichteg eise Beruff wäertzeschätzen. Dofir si mir immens frou, dass bei der Erstinstallierungsprimm deem elo Rechnung gedroe ginn ass an eng Staffelung geschaf ginn ass, fir Leit déi Zäit an Energie an d'Bildung stiechen, a Stagen am Ausland fir wichteg halen, dëst elo deementspriechend monetär unerkannt kréien.

Et bleift weider ongewëss ob de Budget fir déi ugefroten Eco-Schemes an AUKM duerhält, fir dat positiivt Engagement vun de Baueren un d'Allgemengheet an dëse Beräicher ze honoréieren. Mir sinn ob jiddwer Fall der Meenung, dass et nach wie vor een absolutten No-Go wär, déi versprachen Zommen nëmmen hallef oder guer net auszebezuelen, wann déi virgesinne Budgete gesprengt ginn. An deem Kontext werfe mir allgemeng mol d'Fro hei an de Sall un déi responsabel politesch Vertrieder, a virun allem un déi nei Vertrieder, op esou eppes iwwerhaapt dierf eng Diskussioun si wa mir bedenken dass d'Landwirtschaft zu Lëtzebuerg de Staatsbudget mat manner wéi 0,55% impactéiert!

Ee grousst Thema bleift weiderhin d'Ammoniakreduzéierung. No villen Entrevuen dëst Joer an deem Kader, hunn eng Rei Punkten eis Schachmatt gesat. Abee, Dir léif Leit, mir sinn och bal vum Hocker gefall , wou mir héieren hunn, dass d'Reduktiounszil vun 22% net aus der Quëtsch op der Mille gefall ass, mee den Ëmweltministère tatsächlech dës Zuel aus dem Secteur kommunizéiert kritt huet.

Mir sollen also ophalen eis permanent Froen iwwert d'Zilsetzung ze stellen, Fakt ass den Ammoniak muss erof, sou schreift et d'Bréisseler Direktiv vir!

Lo kann een da ganz vill Froen an de Raum geheien, wie schafft nohalteg, wie schafft manner nohalteg, wien huet vill Randbéischten a wien huet der manner…

Am Endeffekt geet et net dorëms. Et geet drëms, dass mir och no 2030 nach Betriber hunn déi kënne vun engem Jonken iwwerholl ginn a wou kënne Liewensmëttel produzéiert ginn.

Et geet dorëms, dass mir eis Familljebetriber musse prioritär schützen, well et genau déi Betriber sinn déi iwwerhuelbar sinn, déi kriseresilient sinn a fäeg sinn sech ze adaptéieren.

Et geet och dorëms, dass ee Familljebetrib net fäeg ass 1200€ Pacht den Hektar ze bezuele fir Mais unzebauen a Gülle ze féieren. An genau dat ass de Punkt firwat, déi 5 AK an Zukunft hir Daseinberechtegung huet. D'5 AK Grenz am Véiberäich ass net nëmmen de Garant, fir mëttelstänneg Betriber ze erhale wou och nach eng Kou op d'Weed dierf! Nee et ass och gläichzäiteg d'Zil eng flächegebonne Landwirtschaft ze erhale wou d'Ammoniakdiskussioun ganz séier beäntwert ass, an dofir brauch och deen dommste kee Monitoring.

Stéchwuert Monitoring!

Et ass deen neiste Sport, net nëmmen an der Landwirtschaft, mee och am private Secteur ginn et mëttlerweil Betriber, déi Auditen ubidde fir den Toilettëpabeier ze verwalten!

Geck an den Eck. Et sinn eng ganz Rei eescht Froen déi an de Raum ze werfe sinn:

- Wat wëlle mir eigentlech erreechen?
- Dierf e Monitoring d'Basis si fir ze wuessen, spriech sech ze entwéckelen?
- Dierf e Monitoring op Date baséieren, déi manipuléierbar sinn?
- Ass et berechtegt en neit Instrument anzeféieren, wat erëm extrem Zäit an Usproch hélt an eng nei Beamteblos schaaft?

Dir gesitt et ass net einfach eng Äntwert op dës Froen ze ginn. Mir maache just de Constat, dass en Tool, deen urspréinglech geduecht war fir Betribskreesleef ze optiméieren, elo mëssbraucht gëtt fir Entscheedungen ze treffen, wéi ee Betrib auszegesinn huet.

Dat kann et net sinn! De Monitoring ass gutt fir individuell, op Wonsch vum Betribsleeder, Ureizer ze gi wéi de Betrib kann optiméiert ginn, net awer fir op nationaler Basis Reduktiounsziler ze erreechen!

Mir sinn der Meenung, dass bei der Revue vum Agrargesetz an 2 Joer, dës ganz eescht Froe mussen op de Leescht geholl ginn. Wann mir historesch kucke wéi vill Betriber all Joer ophalen, wat extrem ze bedaueren ass, a mir déi besteeënd Betriber op 5 AK am Véiberäich beschränken, da wäerte mir laangfristeg quasi vum selwen op d'Trajectoire vun der Reduzéierung vun den Emissioune kommen.

Fazit ass, dass all Monitoring de Bou iwwerspaant a mir dës Virgoensweis eis Betriber futti ze bürokratiséiere méi wéi jee virdrun a Fro stellen.

E weidere Sujet op dee mir haut den Owend wëllen agoen, sinn déi nei Parolen déi vu bestëmmte Leit gepusht ginn, dass déi béis Jonk de Pensionnairë keng Primme méi wollten zoukomme loossen.

Dat mécht eis richteg rosen!

Éischtens kënnt dës Fuerderung aus engem Aarbechtsgrupp, wou Vertrieder vun all de Gewerkschafte present waren! Definitioun déi do formuléiert gouf, an och am éischten Draft vum Avis vun der LWK erëmzefanne war, a souguer am Projet de loi dra stoung, ass eng ganz aner ewéi déi, déi haut am Gesetz ze fannen ass!

Laut der Definitioun vun deene Jonken, wann der dann esou wëllt, hätt souguer e Bauer mat 80 Joer nach kënne Primmen ufroen, wann d'Pensioun beim Centre Commun bliwwe wär! D'Definitioun mat där de Secteur haut konfrontéiert ass, gëtt elo op déi Jonk gedréckt, mee ass ni vun do komm, dat ass alles mat den entspriechenden Schrëftstécker ze beleeën!

An nee et war och net dee béise Minister deen d'Definitioun esou geschriwwen huet wéi se haut do steet. Dir léif Leit mir kënnen Iech just eppes un d'Häerz leeën, no de Chamberwale kommen d'Sozialwalen!

Landwirtschaftskammer a Kammerwalen

D'Landwirtschaftskammer, déi offiziell Vertriedung vun de Baueren, de Wënzer an de Gäertner.

Spiert Dir eppes dovun? Eng berechtegt Fro.

Als aktive Bauer freet een sech wat geschitt mat deene Suen, apropos vun dësem Joer u méi, déi vun eise Betriber dohinner fléissen?

Bei der Digitaliséierung huet een d'Gefill et gëtt op Zäit gespillt, wéinstens beim Direkter gouf lo mol eng Entscheedung geholl.

Oder feelt et einfach u Kommunikatioun no baussen, dass am Fong ganz vill geschafft gëtt, ebe just hanner zouenen Dieren, sou dass mir Baueren et net matkréien?

Ee weidert Zeeche wat eis zum Nodenke bréngt, ass dass sech virum leschten Agrargesetz enorm Suergen iwwert d'Pensionnairë gemaach gouf. Ma dëst weist just dass an deene Jore virdru vill verschlof gouf, wann eis Bauere vu fréier haut an der Pensioun scheinbar no un der Aarmutsgrenz liewen… Dass mir eis richteg verstinn, mir hunn all Interêt un enger staarker Beruffsvertriedung, haut vläicht souguer nach méi wéi jee virdrun! Dofir fuerdere mir fir d'Zukunft:

- Dass d'Reglement vun 1986 ouni Excusen iwwerschafft gëtt. 1986 hate mir nach 3800 Betriber a wou mir lo dru si wësse mir jo alleguer!
- Mir sinn der Meenung, dass een an der Kammer net muss vu Majoritéite schwätzen, well mir hoffen dass all Eenzelen deen do sëtzt sech fir d'Interesse vun der Landwirtschaft asetzt a mir schwätzen eis géint hanner zouenen Diere gesate Mandater aus.
- Dass eis Beruffsvertriedung aus aktive Bauere besteet!
- An den Appell un déi Jonk, mellt Iech fir d'Walen, stellt Äert Mandat fir de Beruffsstand zur Verfügung, well mir brauchen aktiv Leit déi am Beruff schaffen an déi zukünfteg Erausfuerderunge kennen!

Ausbildung a Stage

Komme mir zum Thema Ausbildung: Mir hunn eis déi lescht Joren ëmmer fir eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung agesat. Een dee wëll Bauer ginn, brauch e Mindeststandard u Qualifikatioun!

Mir wëllen als aktive Jongbauer kënne mat Stolz behaapten, dass mir d'Experten an eisem Beruff sinn! Mir mussen awer leider feststellen, dass d'Usprëch, fir en Diplom an eiser Akerbauschoul ze kréien, déi lescht Joren ëmmer weider erofgesat goufen.

Dat ass zimmlech paradox, well wa mir ronderëm eis kucken, gëtt den Alldag fir de Bauer net méi einfach. Spriech Bürokratie, et ginn ëmmer méi Ëmweltaspekter ze betruechten a mir sinn um Punkt ukomm, dass warscheinlech kee jonke Bauer méi an de Véiberäich investéiert.

Wat bléift, ass Diversifikatioun, eng Sensibilisatioun vun den zukünftege Baueren an deem Beräich ass onëmgänglech. Dat ass zwar deelweis de Fall, huet awer nach vill Ausbaupotenzial.

Wuel verstanen, léif Leit, Proffen a Vertrieder vun der Schoul, de Problem huet seng Wuerzelen net hei zu Gilsdref, dofir hoffe mir, dass eis Fuerderungen et och bis an den Educatiounsministère packen.

Stéchwuert Héichschoul/Uni: Et ginn all Joer eng rëtsch Schüler, déi no hirem Technikerdiplom sech dofir entscheeden, e Bachelor hannendrun ze hänken. Déi brauchen dofir awer och eng Basis a Fächer ewéi Chimie, Mathé oder Physik. Firwat hale mir den Niveau an deene Fächer esou niddreg ? Heimat strofe mir nëmmen déi, déi de gudde Wëlle weisen an nach viru wëlle goen!

- Mir fuerderen, dass den Niveau esou séier wéi méiglech eropgesat gëtt.
- Mir hu mëttlerweil an der landwirtschaftlecher Ausbildung erëm 3 Niveauen, da musse mir iwwert dëse Wee sortéieren a villäicht esou den néidegen Usporn un d'Schüler setzen.

Déi jonk Bauere sollen erëm kënne mat Stolz behaapten, hiren Diplom an der Akerbauschoul kritt ze hunn!

Dofir eis Opfuerderung un Iech, Madamm Ministesch: Mir hätte gären, dass Dir Iech dofir asetzt, dass eis Beruffsausbildung erëm méi en héije Stellewäert kritt! Dir waart nach ëmmer an der Educatioun engagéiert, och wann Dir elo an dësem Ressort net Ministesch sidd, iwwerdroe mir Iech am Numm vun der Landwirtschaft dës Verantwortung.

Wa mir scho beim Thema Schoul sinn, komme mir direkt op d'Stagen ze schwätzen. Am neien Agrargesetz gëtt e Jongbauer, deen sech dozou bereet erkläert huet een Auslandsstage vu mindestens 6 Méint ze maachen, mat engem Top-Up bei der Erstinstallierung belount. Dëst war bis elo aneschters, am alen Agrargesetz war et eng Viraussetzung fir d'Erstinstallierungsprimm ze kréien. Dëse Stage ass lo fakultativ, wat mir prinzipiell begréissen.

Wann ee wärend senger Ausbildung an der Akerbauschoul ee Stage am Ausland gemaach huet, wat ënner anerem feste Bestanddeel vum Programm ass, kritt een deen elo net méi fir d'Erstinstallierung ugerechent. Idem bei engem Studium mat Praxissemester.

Als Argument gëtt vun enger Duebelfinanzéierung geschwat. Gemengt ass den *Erasmus +* Programm vun der EU dee Jonker et erméiglecht ee Stage am Ausland ze maachen, an d'Käschte vun der Rees an d'Ënnerbrénge fir dës Zäit ze decken. Genau wéi eng Studentebourse, déi all Student zousteet.

Sou, lo versetzt Iech an d'Lag vun engem jonke Bauer, deen zu senger Zäit an der Akerbauschoul 10 Wochen Auslandsstage gemaach huet an elo alles fir seng Erstinstallierung erareecht well en déi gefuerdert 6 Méint Stage gemaach huet. Ma genau dee Jonken, deen denkt den Dossier komplett ze hunn a prett ass mat engem innovative Projet de Betrib ze iwwerhuelen, wäert elo op de Réck fale wann e gewuer gëtt, dass déi 10 Wochen him awer net unerkannt ginn. Ma mengt Dir wierklech, de jonke Bauer, géif elo nach eng Kéier, nodeems en e puer Joer doheem um Betrib scho geschafft huet, 2,5 Méint fortgoen? Ech mengen net!

Den Auslandsstage an déi domat verbonnen Erfarung a Weiderbildung am Ausland solle weiderhin attraktiv fir déi jonk Bauere bleiwen. Mir fuerderen also, dass de Stage, dee wärend der Ausbildung oder Studium gemaach gouf och soll unerkannt ginn, fir dësen net nodréiglech ze entwäerten !

Agri PV a Biogas

Wat d'Energietransitioun ubelaangt hu mir natierlech och Verschiddenes ze soen.

Virun allem, well mir elo an déi méi kal an däischter Joreszäit kommen, wou jidderee gäre gutt waarm an hell doheem an op der Aarbecht sëtzt, dobäi natierlech sou bëlleg wéi méiglech.

Gréng soll de Stroum sinn deen aus der Steckdous kënnt. Mee fänke mir mol do u wat grénge Stroum iwwerhaapt ass. Photovoltaik ass Tromp. De Super Turmes wollt Hektaren domat zouleeën. Gott sei dank gouf mam Secteur zesummen een adequate Pilotprojet ausgeschafft. Vill Fläch mat Photovoltaik, jo, awer nee zu massivem Flächeverloscht fir d'landwirtschaftlech Produktioun, resp. Liewensmëttelproduktioun.

Et gëtt hei am Land esou vill Daachfläch op ëffentleche Gebaier, Plazen, Parkingen, déi souwisou versigelt sinn, firwat net do ufänken. Natierlech och vill Privatgebaier, Industriegebaier si

predestinéiert fir sou eppes ze maachen. Woubäi ee muss soen, dass hei an der Vergaangenheet scho vill geschitt ass fir versigelt Fläche mat PV ze verleeën.

E grousse Player an der Branche ass natierlech d'Landwirtschaft, fuert duerch d'Land a kuckt. Et gëtt bal kee Stall oder Hal, wou keng Photovoltaik drop läit. Mir sinn der Meenung, dass mir do fir d'éischt sollen usetzen an op kee Fall méi grouss Fräifläche Photovoltaik-Anlage sollen autoriséieren, wéi dat am Pilotprojet de Fall war.

Mir schwätzen eis net dergéint aus, soulaang d'Agri-PV a Bauerenhand bleift, gesinn et awer nach wie vor kritesch an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou de Buedem sou knapp ass, wéi op net villen anere Plazen op der Welt, produktiv Fläche mat Photovoltaik zouzeleeën. Och wa verschidde Pilotprojeten, déi an der Ausschreiwung waren an net ugeholl gi sinn, si mir der Meenung, dass fir den Ufank net weider op d'Agri-PV soll gepocht ginn, ier éischt Bilanen op de Fläche gezu gi sinn, fir dass eng landwirtschaftlech Produktioun realistesch bleiwe kann. Mir wëllen autark ginn oder et op d'mannst probéieren. Net nëmmen an der Energieversuergung, mee och a verschiddenen defizitäre Produktiounen, déi nu mol néierens anescht wéi a gesondem Buedem wuessen.

E weidert Element an der Energietransitioun ass sécherlech de Biogas, eng mëttlerweil bal 25 Joer al Geschicht hei zu Lëtzebuerg, ech soe besser Geschicht, well "succes story" wier gelunn. Am Ufank immens positiv ugesinn, sinn d'Nodeeler lues a lues bei de verantwortlechen Autoritéiten an de Vierdergrond gerutscht. Wann ee mir eng Energiequell ouni Nodeeler, awer wierklech ouni, ka soen, da soll en wgl. herno beim Patt bei mech kommen, well da wëll ech déi och produzéieren. Wéi gesot eng laangjäreg Geschicht, wou wärend Jore Biogasanlagen opgeriicht gi sinn, an op eemol mussen Anlage stell geluecht ginn, well et einfach net méi rentabel ass, a well déi genannten zoustänneg Autoritéiten sech hannert Europa verstoppe fir eng Vereinfachung vun enger Verlängerungsprozedur fir déi staatlech Ënnerstëtzung vun der Stroum- a Gasproduktioun. Jorelaang hunn d'Betriber misse méi a méi produzéiere fir eng Ënnerstëtzung ze kréien, mee dat kenne mir an der Landwirtschaft jo och bei anerem. Dëst huet sech positiv verännert an et solle lo nees méi kleng Anlage kommen, déi fir en Duerchschnëttsbetrib am Beräich vun der Machbarkeet läit. Mee da si mir erëm beim Dauerbrenner wéi bei anere Beräicher och, kee Reglement! Et muss endlech ophalen, dass Betriber keng Planungssécherheet hu well et mam Ausschaffe vu Reglementer net virugeet. Et ka jo net sinn, dass mir dauernd vun Energietransitioun a gréngem Stroum schwätzen, an da loosse mir einfach sou zou, dass nohalteg Energiequelle vun engem Dag op deen aneren ausfalen.

Diversifikatioun am Allgemengen

De Motto vum dësjärege Jongbauerendag ass eng *"Villfälteg Landwirtschaft vu muer"*, et dréint also alles ronderëm d'Diversifikatioun an eiser Landwirtschaft.

Manner Kéi ass dat wat soll ëmgesat ginn, ob et zilféierend wäert sinn, gesi mir wann an e puer Joer déi éischt Bilane gezu ginn. Wat maachen also déi Betriber, déi ausserhalb vum Véiberäich net kënnen oder wëllen investéieren?

Hinne bleiwe verschidde Méiglechkeeten. Wann hei am Land vun Diversifikatioun rieds ass, geet et meeschtens ëm Planzeproduktioun oder och Weiderveraarbechtung vu Matière-premièren um eegene Betrib.

A verschiddene Produktiounen, wéi scho genannt, wëlle mir autark ginn. Politesch géif ee mengen ee gudde Wëllen, mee wa mir d'Zuele kucken, aktueller an aus der Vergaangenheet, da gesäit dat zimmlech katastrophal aus. Wann ee bedenkt, dass virun ongeféier 20 Joer de Lëtzebuerger Uebstbau e Revival erlieft huet a mir Stand haut op 2% Eegeversuergungsgrad sinn, da gëtt dat eis ze denken an ech hoffen Iech och. Am Geméisbau gesäit et net vill besser aus, mat 5-6% Eegeversuergungsgrad. Déi

Zuele sinn net aus der Loft gegraff a sinn erschreckend niddreg, mee dat soll eis net ofschrecken an deene Beräicher weider ze schaffen an ze investéieren.

Vill jonk oder och manner jonk Betriber wëllen an Zukunft an déi Beräicher investéieren. Op dëser Plaz wëlle mir profitéieren a begréissen dem fréiere Minister Haagen seng Decisioun, fir Investitiounen an déi genannte Produktiounen am neien Agrargesetz méi staark ze förderen. Mee et geet net duer mat enger Zouso vun enger héijer Ënnerstëtzung! Dat ass de finanziellen Aspekt, an da gëtt et nach de geneemegungstechneschen Aspekt, dee fir Uebst a Geméis endlech eng kloer Linn brauch! Mee dozou komme mir méi spéit, well soss fanne mir hei keen Enn. Trotzdeem nach e puer Stéchpunkten, déi an dësem Kontext mat op de Wee ze gi sinn, wa mir wëllen eisen Autarkiegrad am Uebst a Geméis erhéijen.

Den Zougang zu Waasser muss fir déi concernéiert Betriber garantéiert sinn! Waasseraarm Regiounen op dëser Welt produzéieren aktuell e groussen Deel Uebst a Geméis wat hei konsuméiert gëtt, dat ass u sech net vertrietbar, mee et huet sech eben sou entwéckelt. Mir hu Waasser, besonnesch an de Wanterméint, fir eis heescht dat Reewaasserspäicher, Bueren an eng Vereinfachung beim Leeë vu Leitungen.

Zu enger méi héijer Autarkie gehéiert eng ganzjäreg Produktioun, déi nëmmen an Zäre machbar ass, ma déi mussen dann och geneemegt ginn. An dobäi gëllt de selwechte Prinzip wéi beim IKEA: nëmme well se hannert der Grenz steet, heescht net, dass duerfir keen se gesäit!

Dacks sinn déi genannte Produktiounen aarbechtsintensiv. Virun allem Saisonsaarbecht steet un, wou a kuerzer Zäit immens vill Stonne musse geschafft gi fir eng Recolte, Planzen, Entretien vun de Kulturen, a wat soss nach alles sou ufält. Déi Aarbechte ginn an deene meeschte Fäll vun auslännesche Saisoniere gemaach, wou e grousse Besoin aus dem Secteur besteet, déi Prozeduren, resp. Mesurë fir Saisonieren anzestellen, ze vereinfachen. Wa mir wëllen hei am Land autark Uebst a Geméis produzéieren, da musse mir och akzeptéieren, dass Leit aus dem Ausland kommen déi d'Aarbecht maachen, wann hei keen et wëll maachen. An et muss méi Flexibilitéit bei den Aarbechtszäite geschaf ginn, spriech dass et an der Saison ouni Restriktioun erlaabt ass, méi wéi 40 Stonnen d'Woch ze schaffen.

Jo, et ass ëmmer séier gesot, regional a saisonal, mee et gëtt oft vergiess dass dëst och aarbechtsintensiv ass an dat muss berécksiichtegt gi bei zukünftege Gesetzesprojeten, fir de betraffene Betriber ee legale Kader ze schafe fir ze produzéieren.

Stéchwuert *"marque nationale"*, déi ass ofgeschaaft, dat hu mir d'lescht Joer hei gesot. Mat Verdrësslechkeet musse mir dëst Joer soen, dass d'Politik et net fäerdeg bruecht huet bis haut e valabele Pendant dozou an d'Liewen ze ruffen.

Wann mir scho bei defizitäre Produktioune sinn, sief ugemierkt dass de Schwéngssecteur déi lescht Joren extrem ofgebaut huet, wat schued ass well et ëmmer en Deel vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft war an och nach haut ass. Mee wa keng Ännerung kënnt, riskéiert dës Produktioun komplett zu Lëtzebuerg ze verschwannen. Duerfir op dëser Plaz een Appell un d'Politik a virun allem déi nei Regierung: Kuckt mam Secteur wou de Schong dréckt an huelt eng Decisioun, op mir an Zukunft nach Schwéngefleesch vum Lëtzebuerger Bauer wëllen oder ob et soll aus dem chineeseschen Héichhaus kommen.

Environnement

"Und täglich grüßt das Murmeltier..." oder solle mir Gebuertsdag feiere bei deem Thema wat elo kënnt. Jo de Ëmweltministère ass een Dauerbrenner um Jongbauerendag, mir si mol gespaant ob sech dann elo mat deem neie Minister alles ännert... Egal wéi, et gëtt Aarbecht!

Mee fänke mir vir un, als jonke Bauer wëlle mir gären an nei Gebaier, a méi Déierewuel an an d'Aarbechtserliichterung investéieren. Dat ass jo verständlech, spannend gëtt et awer da wann een d'Pläng an de Ministère de l'environnement schéckt. Ab hei mengt een et wier ee bei *„Verstehen Sie Spaß"* mat enger gudder Portioun Horror-Thriller. Witzeg ass et net, schliisslech geet et ëm d'Zukunft an d'Existenz vun eise Betriber.

Fänke mir u bei engem "Accusé de réception", dee beseet, dass den Dossier ukomm ass. Eng gefillten Éiwegkeet dauert et, bis dëse beim Bauer ukënnt!

E puer Méint méi spéit, ginn dann zousätzlech Piècë gefuerdert, déi dobäi meeschtens net zilféierend si fir eng Naturschutzautorisatioun. Am Idealfall gëtt et no enger weiderer klenger Éiwegkeet eng Autorisatioun oder och net. Wee lo mengt et wier gepackt, deen iert! Beim Liese vun der Autorisatioun, versteet ee firwat et esou laang gedauert huet. Beamten, déi wéineg Knowhow am landwirtschaftleche Beräich hunn, bréngen hei Konditiounen zu Pabeier, déi fir di meescht Leit schwéier bis guer net novollzéibar sinn, jo heiansdo esouguer am Contraire zum Naturschutz stinn.

Eng Lotterie ass et, well kee weess wien et grad trëfft, well d' Konditioune fir déi eng, gëllen nach laang net fir déi aner.

An da freet een sech wéi ass dat méiglech? Wann et dach mol net ee juristesche Kader gëtt, op deen déi Beamten sech kënne beruffen.

Kloer ass, als Europäer weise mir gären op aner Staate wann de Rechtsstaat net fonctionéiert, wat hei awer leeft am Numm vun engem Minister oder enger Ministesch....Jo do brauch een sech net ze wonneren, dass een sou oft an der Press ass.

Mir sinn der Meenung, och dee leschten hei am Sall misst verstanen hunn, dat hei grouss Reforme batter néideg sinn.

Mir fuerderen am Beräich vun de landwirtschaftleche Bauten dofir eng Rei Punkten:

- Mir brauchen endlech e "Guichet unique", wou mir eisen Dossier ofginn an deen déi responsabel Verwaltungen all direkt kontaktéiert/usprécht.
- Mir brauchen e kloert Reglement fir d'Bauen an der Gréngzon, wou drasteet wat een duerf a wat een net duerf, besonnesch am Kader vun der Diversifikatioun, wéi schonn ugemierkt wat d'Bauten am Uebst a Geméisberäich uginn, fir dat endlech jidderee gläich behandelt gëtt, dat Betriber Planungssécherheet kréien an dat mir d'Rechtssécherheet rëm hiergestallt kréien.
- Mir brauchen eng Plattform mat ALL den Acteuren, wou de Bauer och duerf derbäi sinn.
- An eppes muss och kommen, an dat ass wann 3 Méint nom "Accusé de réception" keng Äntwert komm ass, gëllt den Dossier als autoriséiert. Mir hunn es einfach sat, onnéideg Zäit ze verléieren.

Fuere mir da mol virun, am Idealfall huet de jonke Bauer säi Projet dann iergendwann autoriséiert kritt, am beschte wäit ewech vum Duerf dat hien nëmme kee stéiert. An da fänkt de jonke Bauer un, fir an der Gréngzon niewent dem Haff een Haus ze plangen.

Wie mengt bei der Autorisatioun vum landwirtschaftleche Projet, et wier spannend gewiescht, dee gëtt beim Plang vum Haus eppes Bessere geléiert!

De jonke Bauer hält sech un d‘ Bautereglement vun der territorialer Gemeng, dat Urbanisten an Architekten ausgeschafft hunn an dat vun engem Gemengerot gestëmmt a vum Interieur approuvéiert gouf.

An da freet de jonke Bauer eng Naturschutzautorisatioun un, a scho geet et lass! Den éischten Noper am Bauperimeter duerf Saachen anescht maachen wéi de jonke Bauer. An woumat argumentéiert den Ëmweltministère seng Fuerderungen? Mat engem Reglement? A nee dat hu mir jo net, dat Thema hate mir jo well.

Also fin du compte decidéieren hei Leit, déi sécher net Urbanist oder Architekt sinn, wéi dat Haus soll gebaut ginn.

Et muss een sech ëmmer rëm Froe stellen: Bréngt et dem Naturschutz eppes ob Schifer oder Zillen um Daach leien, a wat bréngt d’Fënsterform dem Naturschutz? Mir hu kee ganzen Owend Zäit, mee hei kéinte mir eng ganz Réi Saachen oplëschten, wou all normale Mënsch eng Kéier gutt de Kapp rëselt.

Wann d‘Haus dann den Experten aus dem Ministère entsprécht, gëtt sech, wéi et an der rezenter Vergaangenheet ëmmer rëm virkomm ass, mat alle Mëttele géint d‘Autorisatioun fir d‘Haus gewiert. Mat alle Mëttele muss de jonke Bauer dann noweisen, dat dat Haus noutwendeg ass. Komescherweis, weess d‘Verwaltung näischt méi vun deem Stall, deen se kuerz virdrunner genee op där Plaz geneemegt hunn. Den absolutten Héichpunkt ass natierlech wann ee Ministère eng Jurisprudenz ignoréiert oder verdréint interpretéiert.

Mir fuerderen dofir vum neie Minister hei kloer Reegelen, fir dass virum Gesetz all landwirtschaftleche Betrib gläich ass!

Dir léif Leit Dir gesitt et gëtt wierklech vill ze dinn. Vun Agrargesetz iwwer Schoul an Naturschutzgesetz ass alles derbäi. Souvill Ministèrë mat hire Beamten, déi iwwer knapp 1800 Bauerebetriber an hir Zukunft decidéieren. Et heescht zwar *viele Köche verderben den Brei*, mee loosse mir net der Däiwel un d’Mauer molen, et ginn nach ëmmer motivéiert Leit déi wëllen an der Landwirtschaft schaffen, awer och hiert Liewe verdéngen an duerfir mussen investéieren. An do komme mir bei den Dräieck vun der Nohaltegkeet, deen am Idealfall soll erfëllt sinn.

Leider hu mir an der Vergaangenheet am Secteur festgestallt, dass dësen dacks ganz staark zu der Spëtzt vun der Ökologie tendéiert huet. Mir hoffen, dass déi nei Regierung et fäerdeg bréngt nees e gesond Gläichgewiicht vun der Nohaltegkeet hierzestellen. Och wann d‘Landwirtschaft wéi beim Staatsbudget, nëmmen 0,5% vum PIB ausmécht, sou ass Si deen eenzege Secteur deen duerch seng alldeeglech Aktivitéit d’Ëmwelt schützt an CO2 späichert, an dëst net well verschidde Leit dat duerch erfonnte Mesurë méiglech gemaach hunn, nee! Dat ass de Fonctionnement vun der Natur an där mir all Dag schaffen a musse mat hiren Zoustänn eens ginn, duerfir hoffe mir och dass déi nei Regierung d’Landwirtschaft mat an d’Boot hëlt, wann nei Mesurë solle geholl ginn, wou eisen Alldag, respektiv d’Existenz vun de Betriber um Spill steet. Egal wéi ee Ressort dat betrëfft, well wéi mir gesinn hunn, si mir ganz villfälteg ënnerwee, an Decisiounen op ville Borden hu Repercussiounen op d’Betriber. Wéi gesot, et sinn nach motivéiert Leit ze fannen, mee passt op wat Dir maacht, well soss si geschwë keng méi do!

Mee egal wéi wäerte mir d’Agrarpolitik, an all déi aner Ressorten déi eis concernéieren, aktiv weider verfollegen an eis wéi an der Vergaangenheet fir de Beruff an seng Zukunft asetzen!